ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Abrëll 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 81) un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

E Sonndeg, den 8. Abrëll, huet d'Partei Fidesz mat hirem Spëtzekandidat Viktor Orbán d'Walen an Ungarn gewonnen, dëst mat 48,9% vun de Stëmmen an 113 vun 199 Sëtzer am Parlament.

De Lëtzebuerger Bausseminister huet d'Resultat vun dëser Wal schaarf kritiséiert. Als ee Beispill vu villen huet d'AFP dës Meldung publizéiert:

"Nach dem klaren Wahlsieg des rechtsnationalen Regierungschefs Viktor Orban in Ungarn hat Luxemburgs Außenminister Jean Asselborn die übrigen EU-Staaten zu einem energischen Handeln aufgefordert. Die EU-Mitgliedstaaten müssten sich "schnell und unmissverständlich auf der Basis des europäischen Vertragswerks" einbringen, "um diesen Wertetumor zu neutralisieren", sagte Asselborn der Zeitung "Die Welt"."

Dowéinst wéilt ech dem Här Staatsminister dës Froe stellen:

1. *Ass d'Lëtzebuerger Regierung der Meenung, datt d'Walen an Ungarn fair an demokratesch ofgehale gi sinn?*
2. *Deelt d'Lëtzebuerger Regierung d'Ausso vun hirem Bausseminister, datt mat Ungarn e "Wäertetumor" muss neutraliséiert ginn? Wa jo, wat heescht dëst genee?*
3. *Deelt d'Lëtzebuerger Regierung d'Meenung, datt d'Aussoe vun hirem Bausseminister an "Die Welt" net der Courtoisie entsprécht, wéi si an der Diplomatie üüblech ass oder üüblech misst sinn?*
4. *Ass d'Lëtzebuerger Regierung gewëllt, op bilateralem Niveau Moossnamen ze huelen, déi der Ausso vu sengem Bausseminister, dem Buschtaf an dem Geescht no entspriechen? Wa jo, wéi eng wieren dat?*
5. *Plangt d'Lëtzebuerger Regierung, bei den europäeschen Instanzen ze intervenéieren, fir datt Moossname géint Ungarn an d'Weeër geluecht ginn? Wa jo, wéi eng Moossnamen?*

6. *Ass den Här Staatsminister der Meenung, datt d'Tonalitéit vun esou Aussoe wéi déi vum Bausseminister, déi leider keng Ausnam ass, de Relatiounen tëschent Lëtzebuerg an anere Länner schuet? Wa jo, wéi eng Konsequenze wëll den Här Staatsminister dorausser zéien?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten